



Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools dem Här Tourismusminister Lex Delles.

## 9. 7776 - Projet de loi portant modification de l'article L. 631-2 du Code du travail

Mir kommen elo zum Projet de loi 7776, enger Of-ännerung vum Aarbechtsrecht. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An de Rapportier vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Georges Engel, ass scho prett fir säi Rapport. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

■ **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur**.- Merci, Här President. Ech stellen lech dann haut de mëndleche Rapport vum Gesetzesprojet 7776 vir. Déi sanitär Kris, an där mer haut sinn, déi huet ganz grouss Auswirkungen op den Aarbechtsmaart. D'Regierung huet wichteg Entscheedungen a verschiddene Beräicher missen huelen, an dëst dann och am Beräich vum Aarbechtsrecht: Fir d'Aarbechtslosegkeet ze reduzéieren an dës Kris ze iwwerwannen, huet de Staat d'Instrument vun der Kuerzaarbecht age-sat.

Zënter engem Joer musse vill Betriber op Kuerzaarbecht zrëckgräifen, an dëst och fir aussergewéinlech laang Perioden, besonnesch an de vulnerabele Secteuren. D'Zuel vun de Betriber, déi indemniséiert ginn, ass ganz héich. Tëscht Mäerz 2020, also virun engem Joer, bis Enn Januar 2021 hu 15.379 Betriber op Kuerzaarbecht zrëckgegraff. Dat sinn 151.508 Salariéen, déi dovunner profitéiere konnten.

Stand 1. Mäerz dëst Joer: De Staat huet insgesamt 985 Milliounen an dës Moosnam gestach, dovun mussen der elo nach 396 rembourséiert ginn. Et bleiwen also 589 Milliounen fir de Staat, eng Zomm, déi sécherlech e groussen Impakt op d'Staatsfinanzen huet.

Haut wësse mir awer nach ëmmer net, wéi laang d'Situatioun undauere wäert, besonnesch fir déi vulnerabel Secteuren. Duerfir schaaft dëse Gesetzesprojet de legale Kader, fir verschidde Formatiounsprogrammer aus dem Beschäftigungsfond dann och ausbezuelen ze kënnen, dëst fir spezi-fesch Formatioune fir Salariéen, déi vun der Kuerzaarbecht dann, wéi ech virdru gesot hunn, betraff sinn. Et ass vu grousser Virdeel, de Salariéen elo scho kënnen Zousatzformatiounen unzebidden, fir esou an Zukunft och de Risiko vu Chômage ze reduzéieren an duerch esou Formatiounen de Salariéen eng besser Reintegratioun um Aarbechtsmaart ze garantéieren. D'Covid-19-Pandemie huet zu enger Erhéijung vun den digitalen Aktivitéite geféiert. Sou ass et dann och hei wichtig, datt déi digital Kompetenz vun de Salariéen ausgebaut ginn, fir esou gestärkt aus der Kris erauszekommen.

Fir d'Ëmsetzung vun dëse Formatiounsprogrammer ze erméiglechen an d'Ausgaben, déi vum Beschäftigungsfond ofgedeckt ginn, ze bestëmmen, füügt dëse Gesetzesprojet en zousätzleche Punkt an de Paragraf 1 vum Artikel L. 631-2 vum Code du travail bäi.

Dee Projet de loi gouf de 4. Mäerz deposéiert. A sengem Avis vum 4. Mäerz huet de Staatsrot e favorabelen Avis ginn.

Et sinn zwee weider Avice komm:

Den 8. Mäerz begréisst d'Chambre de Commerce dëse Gesetzesprojet. D'Chambre de Commerce gëtt awer ze bemerken, datt déi virgeschloen Hëllef méiglecherweis net wäerten duergoen, fir enger weiderer berufflechen Ausbildung gerecht ze ginn an esou déi negativ Auswirkunge vun der Coronakris ze reduzéieren. D'Chambre de Commerce bedauert och, datt déi zukünftige Formatiounsprogrammer an den entsprecheuden Budget net am Gesetzesprojet spezifizéiert sinn, an hält et fir wichtig, gläichwäerteg Moosnamen och fir Independanten ëmzesetzen.

D'Chambre des Métiers, déi gesäit dat Ganzt méi kritesch. Generell begréisst d'Chambre des Métiers an hirem Avis vum 10. Mäerz dës Moosnamen am Allgemengen, mee bedauert awer, datt dës Initiativen net éischter geholl gi sinn. Ausserdeem mengt d'Chambre des Métiers och, datt de Gesetzestext ze vag formuléiert ass an esou och eng gewësse juristesche Ongewëssheet besteet, well weeder d'Konditiounen an d'Prozeduren, d'Bäitrag vum Beschäftigungsfond fir d'Ausbildungskäschten, nach, wéi eng Kategorie vu Salairé betraff sinn, am Gesetzestext wierklech spezifizéiert sinn.

Dat huet eis an der Aarbechtskommissioun vum 11. Mäerz awer net dovun ofgehalen, dëse Projet hei unzehuelen, datt à l'unanimité. Mir sinn eis all bewosst, datt dës Kris nach weider wäert undauern, datt se nach net eriwuer ass an datt et souwuel fir d'Betriber wéi och fir d'Salariéen elo schonn e Virdeel ass, sech no dëser Kris gestärkt an den Aarbechtsmaart ze reintegréieren.

Vu datt de Projet à l'unanimité ugehall ginn ass, kann ech hei natierlech dann och den Accord vun der LSAP zu dësem Projet de loi ginn. Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- An ech soen dem Här Rapportier Georges Engel villmools Merci.

An ech ginn d'Wuert direkt weider un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Marc Spautz.

■ **Une voix**.- Très bien!

### Discussion générale

■ **M. Marc Spautz (CSV)**.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e grouse Merci dem Georges Engel fir säi Rapport. Ech wëll awer och hei ënnersträichen: Wann een dee Rapport liest, do ass e Weltrekordstempo dran. Do ass 100 Meter an 9 Sekonnen näischt dergéint.

### (Hilarité)

De 4. Mäerz 2021 huet de Minister de Projet depo-séiert an de 4. Mäerz 2021 huet de Conseil d'État schonn en Avis ofginn. Dat heescht, fir déi ganz Längt, fir déi se heiansdo alt Wochen, Méint brauchen, ass et hei duergaange mat Sekonnen, Minutten oder Stonnen, ech weess et net. Dat liest een och am Bericht vum Rapportier, dem Georges Engel, eraus.

Da muss een och soen, dass mer eis an der Kom-missiouen den 11. Mäerz och eens waren, dass et eng wichteg Saach ass, dass dee Projet do kënnt. An net méi spët wéi haut de Moien hu mer och héieren, dass den FMI, dee jo e Rapport gemaach huet iwwert dat, wat Lëtzebuerg ubelaangt, dass dee sech och mat deem dote Punkt beschäftigt huet, dass deen der Meenung ass, dass mer grad bei deene méi Schwaachen an eiser Gesellschaft, bei deene méi Schwaachen um Aarbechtsmaart eppes musse maachen, fir deene Leit ze hëllefen, fir an d'Employabilitéit eranzekommen. An dofir ass et och gutt, dass mer esou e Projet maachen, wou mer deene Leit hëllefen, méi grouss Chancen um Aarbechtsmaart ze hunn.

En anere Problem, dee sech awer stellt, an dat geet aus dem Avis vun deenen zwou Patronatsberuffschamberen ervir, aus dem Avis vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers: Geet dat duer, wat mer elo do maachen? Et ass eng Ouverture, dass mer dem Fonds pour l'emploi déi Méiglechekeet ginn, mee mir wësse jo, dass d'Formation professionnelle hei zu Lëtzebuerg net beim Här Aarbechtsminister ass, mee dass d'Formation professionnelle beim Educatiounsminister ass.

Dat ass net iwwerall esou. Dat war och net ëmmer esou zu Lëtzebuerg. Och zu Lëtzebuerg war et bis Ufank de 70er-Jore iüblech, dass d'Formation professionnelle beim Aarbechtsminister war, well et jo do drëm gaangen ass, fir op den Aarbechtsmaart virzebereeden, a si ass och duerno eréischt bei d'Educatioun komm. A mir liese jo och reegelméisseg, well mer jo alleguerten déi Rapporten opmierksam liesen an der Formation professionnelle, dass verschidde Beruffschamberen och ëmmer dorop hiweisen, dass se léiwer hätten, dass d'Beruffsausbildung beim Travail wier, well dat méi no beim Aarbechtsmaart wier.

Firwat soen ech dat? Wa mer elo hei Formatiounen ubidden, ass et och wichtig, dass déi Formatiounen och an de Betriber unerkannt ginn, dass déi Formatiounen och en Nidderschlag an de Betriber fannen an dass d'Leit och wëssen, wa se do en Diplom oder eng Formatioun kréien, wat déi Formatioun wäert ass.

Ech mengen, dass dat hei e gudder Wee ass an déi richteg Richtung, mee dass et wichtig ass, dass mer no enger gewësser Zäit eng Kéier de Bilan zéien an da kucken - vläicht zesumme mam Educatiounsminister an och mam Wirtschaftsminister, dee jo zesumme mam Aarbechtsminister dem Comité de conjoncture virsteet, dee jo och iwwert de Chômage partiel an iwwer all déi Punkten decideréiert -, fir dann eng Kéier e Bilan ze maachen, ob mer Adaptatioune musse maachen a wat fir eng Adaptatiounen do noutwendeg sinn, fir dass och déi Formatiounen, déi mer alleguerten ubidden, och iwwerall dee Réckhalt fannen, deen néideg ass, fir dass déi Leit, déi där Formatioun noginn, och do-duerch méi eng grouss Chance um Marché de l'emploi hunn.

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Spautz. An de Mikro ass elo op fir d'Madamm Carole Hartmann.

■ **Mme Carole Hartmann (DP)**.- Merci, Här President. Merci och als alleréischst dem Rapportier fir e ganz komplette mëndleche Rapport, deen de schrëftleche Rapport dann nach stäipt.

De Chômage partiel ass en immens wichtigen Outil am Kader vun der Pandemie, déi mer aktuell erliewen. Et ass en Invest an d'Erhale vun Aarbechtsplazen, besser, wéi dass d'Leit hir Plaz géife verléieren an dass dann de Chômage misst finanzéiert ginn.

Et geet haaptsächlech ëm ganz vulnerabel Secteuren - den Horeca-Secteur, den Tourismus ass vun der Madamm Closerer genannt ginn, den Evenementiel -, déi hei op dësen Outil zrëckgegraff hunn.

De Fonds pour l'emploi, deen iwwerhëlt hei eng wichteg Aufgab an dee finanzéiert awer och scho méi laang eng ganz Panoplie u Formatiounen an u Mesuren, fir zum Beispill Chômeuren an den Aarbechtsmarché ze integréieren oder ze reintegréieren.

Dëst Gesetz hei erméiglecht de Finanzement vu weidere Formatiounen, déi fir Salarié vum Entrepre-sen en place gesat ginn, déi de Chômage partiel notzen. De Risk vum Chômage soll esou och weiderhin niddreg gehale ginn. D'Chambre des Métiers hat an hirem Avis gemengt, dass déi Mesure hei e bësse spët géif kommen. Ech mengen, dass se trotzdem wichteg ass, well mir wëssen aktuell net, wéi laang mer nach an där Situatioun hei bleiwen, respektiv, wéi schwéier et verschidde Secteuren wäerten hunn, fir nees op d'Been ze kommen. Dofir mengen ech, ass et wichtig, dass awer och elo déi heite Mesure kënnt.

Eng Fro, déi och gestallt ginn ass vun der Chambre de Commerce, an déi géif ech weiderginn un den Aarbechtsminister, dat ass déi, wéini déi Programmes de formation kënnen ulafen. Ech mengen, et ass wichteg. Mir kommen elo an eng Phas, wou mer, soen ech emol, lues a lues vläicht erauskommen, an et wäerten awer och nach eng Rei Salariéen vum Chômage partiel betraff sinn. An do-wéinst ass et wichtig ze gesinn: Wéini kënne mer déi Programmer ulafe loosse? Wéi eng Programmer wäerte konkret ugebuede ginn? An da war jo och d'Fro vum Budget gestallt ginn, och vun de Chambres professionnelles. Wéi héich wäert dee Budget sinn, deen hei zur Verfügung steet?

Generell si Formatiounen an och Weiterbildungen e ganz wichtigen Outil, souwuel fir d'Salariéen, déi forméiert besser fir den Aarbechtsmarché opgestallt sinn - si hu méi Optiounen, wat se kënne schaffen -, wéi och fir d'Entreprises, déi op qualifizéiert Personal, wat gutt forméiert ass, kënnen zrëckgräifen.

Déi drëtt Persoun an dëser Rei - an ech mengen, mir mussen awer och un déi denken, an dat ass och eppes, wat d'Chambre de Commerce opgeworf huet - dat ass de Patron, den Independant. A wa mer un déi vulnerabel Secteuren denken, dann hu mer och eng ganz Rei Independanten, déi an der Situatioun sinn, datt se sech vläicht elo mussen nei forméieren, weiterbilden, entweeder fir kreativ an hirer Entreprise ze sinn oder fir och eventuell eng aner Pist ze envisagéieren. An doduerjer vläicht d'Fro - mir wëssen, d'Independante finanzéieren och zum Deel mat de Fonds pour l'emploi -, ob et net wichtig wier, datt mer och den Independanten e finanzielle Soutien ginn, fir och Weiterbildunge kënnen ze maachen, well si och grad esou an de vulnerabele Secteure schaffen an et fir si och wichtig ass, datt si sech kënne weiterbilden an och do op Finanzementer kënnen zrëckgräifen.

Zu dësem Projet de loi ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Hartmann. An de Mikro ass elo fräi fir den honorabelen Här Carlo Back.

■ **M. Carlo Back (déi gréng)**.- Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Covid-19-Pandemie huet eis Gesellschaft an eng déif sanitär, ekonomesch a sozial Kris gefouert. Och Lëtzebuerg konnt sech dësem Phenomeen net entzéien. Mat dësem Projet de loi versiche mer, den Impakt vun dëser Kris op d'Aarbecht ofzefiedere, virun allem fir déi Salariéen, déi wéineg qualifizéiert sinn.

Während dëser Pandemie huet och nach eng Acceleratioun vun der Digitaliséierung an eiser Gesellschaft stattfonnt. Massiivt Zrëckgräifen op Tele-travail während der Pandemie, dat bis haut unhält, ass ee gutt Beispill. Dës Acceleratioun vun der Digitaliséierung huet nach eng Kéier e groussen Afloss op d'Employabilitéit vun de Salariéen, déi eng geréng Qualifikatioun hunn.

D'Regierung huet dëst och erkannt a Mesurë virgeschloen, déi am Dokument Plan pour la reprise et la résilience stinn. Dat ass een Dokument, wat elo am Mäerz 2021 fäerdeggestallt gouf an notament och op Brëssel geschéckt ginn ass, fir do weider Ënnerstëtzung ze fannen.

An dësem Projet de loi geet et ëm - an dat ass de Saz, deen dat awer gutt charakteriséiert -: « mise en œuvre de tout programme visant à développer les compétences des salariés occupés dans une entreprise qui s'est vue accorder le bénéfice du chômage partiel ». Ech mengen de Rapportier huet dat och virdrun hei erkläert an ech soen him och nach eng Kéier Merci fir säin Exposé, fir säi Rapport écrit an oral.

Et geet allgemeng drëm, d'Employabilitéit vun de betraffene Salariéen ze verstärken. Dës soll

duerch den Ausbau vun den digitale Kompetenze bei dëse Salarié vüuredriwwer ginn. Allgemeng all Zort vu Formatiounen, déi Kompetenzen - ech betounen: d'Kompetenze vun de Salariéen - verbessern, sollen hei ënnerstëtzt ginn. De Programm soll sech vu Mee 2021 bis Enn Dezember 2021 erstrecken. Dës Formatioune sollen och zertifizéiert ginn.

Ech erënneren nach eng Kéier drun, datt dëse Mount Mäerz ongeféier 47.000 Salariéen vun dem Chômage partiel betraff sinn. Déi 30 Centres de formation, déi offiziell zu Lëtzebuerg unerkannt sinn, sollen ee Katalog vun dësen E-Formatiounen opstellen. Am Dokument „Plan pour la reprise et la résilience“ stinn och méi Erklärungen iwwert den Of-laf vun dësem Programm an och de Budget.

Eng Rei Kommentaren, Suggestiounen a Froe vun eiser Säit un de Minister: Mir begrëssen dëse Programm, dee, wéi gesot, derzou soll bäidroen, datt sech déi wéineg Qualifizéiert solle besser op dës Transformatiounen um Aarbechtsmarché an an eiser Gesellschaft virbereede kënnen. D'Fro un de Minister: Ass dëse Katalog vu Formatiounen, déi ugebuede ginn, scho fäerdeg? Kann een dee kréien, wannechgelift?

Dann: Wéi kënne mer sécherstellen, datt et sech hei ëm héich qualitativ Formatiounen handelt, déi och esou vun de Secteure gefrot goufen. Hei kënnt besonnesch der ADEM eng grouss Verantwortung zou: Huet si d'Moyenen, fir d'Leit am Chômage partiel bei déi richteg Formatiounen ze orientéieren?

Dann eng aner Fro: Wéi kommen d'Aarbechte vun der nationaler Stratégie des compétences virun? Dëse Sujet ass och am Koalitionsaccord traitéiert ginn an deen Thema gouf och op där leschter Tripartite, wann ech mech richteg erënneren, ugeschwat. Kann de Minister eis do eventuell weider Informatiounen ginn?

Dës Formatioune sollen iwwert de Fonds pour l'emploi finanzéiert ginn, esou wéi dëse Fong nach aner Formatiounen oder Mesures de qualification organiséiert a finanzéiert. Hei ass et weesentlech, datt dës Mesuren och géifen evaluéiert ginn, fir notament erauszefannen, ob a wéi dës Mesuren, vun deenen et der vill gëtt, gegraff hunn. Dëst ass och ee Sujet, deen d'Memberen - den Här Spautz huet et och nach eng Kéier opgegraff, an och aner Kolleegen - an der Kommissioun proposéiert hunn.

Mir sollten - an do kommen ech zum Schluss -, eis all d'Moyene ginn, fir datt all Mënsch enger Aarbecht kann nogoen. Enger Aarbecht nogoe gehéiert zu den elementare Besoine vum Mënsch.

An ech ginn och heimat den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- An ech soen dem Här Carlo Back villmools Merci a ginn d'Wuert weider un den nächsten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR)**.- Merci, Här President. Ech wëll fir unzefänken dem Här Georges Engel en härezeche Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech mengen, et ass am Fong geholl scho méi dacks gesot ginn, et ass eng weider Etapp am liewenslaange Léieren. Ech mengen, dat ass eppes, wat mer eis mussen all zu Häerz huelen, wat mer och begrëssen. An duerfir wäerte mir och als ADR dësem Gesetz zoustëmmen.

Mee erlaabt mer awer vläicht, eng Remark ze maachen: Mir hunn elo hei erm eng Etapp, wou mer da Coursen offréieren. Et wär awer gutt, wann een an där ganzer Panoplie vu Coursen, déi mer niewelaanscht lafen hu fir d'liewenslaang Léieren, eng Kéier géif eng Koordinatioun kréien am Sënn vu jidderengem, well net, datt zwee Coursen op där nämmelechter Plaz oder niewenteneen ugebuede ginn. An et wär awer gutt, wa mer alles beieneen hätten. Ech mengen, an deem Sënn sollt een déi ganz Panoplie vun Offerten eng Kéier iwwerdenken an eng komplett Campagne maachen, fir an déi Richtung ze goen.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeit.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Engelen. An da wier et um honorabelen Här Marc Baum.

■ **M. Marc Baum (déi Lénk)**.- Merci, Här President. Och ech ka mech kuerzfaassen a viwechschécken, datt mir dëse Projet och ënnerstëtzt wäerten - e Projet, dee viséiert, Formatiounsprogrammer fir Leit, fir Salariéen, déi am Chômage partiel sinn, iwwert de Fonds pour l'emploi ze finanzéieren.

An de Marc Spautz huet et virdru gesot: Et ass e Rekordtempo, wéi hei geschaff ginn ass. Eng ganz Rëtsch Avisen, oder zumindest een awer och ganz wichtigen Avis, hat och net Zäit, an de Rapport opgehall ze ginn, nämlech dee vun der Salariatskummer, dee gëschter komm ass.





An d'Salariatskummer ..., ech wéilt mech dann e bëssen zum Porte-parole maache vun zwou, dräi Froen, déi si gestallt hunn, wou se änlech wéi aner Kummeren an och de Staatsrot drop higewisen hunn, datt et awer eng relativ vag oder vast Formulierung ass, déi do Anzuch hält. An d'Fro stellt sech natierlech, wat déi Formatiounen ugeet ..., well et steet just dran « tout programme visant à développer les compétences ». Esou steet et am Text. An d'Fro stellt sech natierlech: Mussen déi Formatiounsprogrammer dann awer net zumindest vum Minister agreeiert ginn?

D'selwecht stellt sech d'Fro vum Rôle vun der Personaldelegatioun. Dat heescht, datt déi änlech spillt, wéi dat bis elo och de Fall ass. Dat heescht, datt eng Personaldelegatioun och en Avis ofgëtt iwwert d'Formations continues am Betrib, respektiv datt a Betriber vun iwwer 150 Salariéen d'Personaldelegatioun zesummen d'un commun accord mam Patron op deen dote Wee ginn. Dës Froen nach vläicht bäigesat zu deem, wat gesot ginn ass.

Mir hunn an der Kommissioun och versprach kritt, datt mer ganz deemnächst och kéinten driwwer schwätzen, wéi déi Formatiounsprogrammer da konkreet ausgesinn. Ech mengen, et ass och eng Demande vun enger ganzer Rëtsch Leit heibanne gewëscht. Formatioun ass wichteg, grad an dësen Zäiten. Mee Formatioun ass net alles, Formatioun ass just een Element. An e weidert Element, iwwert dat mer, mengen ech, an deenen nächste Wochen a Méint schwätze mussen, dat sinn d'Beschäftigungsprogrammer.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Marc Baum. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, séier ass et gaangen. Dat ass de Minimum, deen ee soe kann. Et gouf awer och eng gewëssen Urgence, fir dat heiten ze maachen, well et si jo awer eng ganz Rëtsch Salariéen elo schonn eng Zäitchen am Chômage partiel an d'Méiglecheet, da Weiderbildungen ze maachen, ass, mengen ech, grad elo esou wichteg wéi nach ni.

Et ass also eng begrëssenswäert Initiativ an ech kann lech d'Spannung u sech schonn direkt hei am Ufank huelen: D'Piraten wäerten dëse Projet matstëmmen, trotz engem klengem Bemoll, dee mer fanen, dat ass, datt mer eis haut, wéi esou oft an der Lescht, op Salarié beschränken a vläicht eebe grad och eenzel Independanten hei net kënnen ... - et sinn eebe keng Salariéen, dat verstinn ech. Netdestotz misst ee sech d'Fro stellen, ob een net och en änleche Programm fir Independanten, déi am Moment net kënnen schaffen, misst op d'Bee stellen.

Netdestotz ass dat heiten eng exzellent Initiativ, déi et erméiglecht, fir Leit, déi haut net wëssen, wéi et muer weitergeet, weiderzebild. Mir wëssen, datt virun allem digital Kompetenzen an dëse Pandemiezeiten immens wichteg gi sinn, essentiel wichteg gi sinn. Fir vill Aarbechter an Employé koun d'Ëmstellung einfach abrupt: Vun haut op muer hu se misse léieren, hir Aarbecht iwwert den Homeoffice ze leeschten an niewebäi nach de Kontakt mat dem Chef, den Aarbechtskolleegen, de Clienten a Fournisseuren ze halen - fir déi, deenen hir digital Kompetenze bis dohinner nach net ausgebaut waren, eng schwiereg Aarbecht, déi awer zu engem zousätzleche Stress geféiert huet.

Eng Etüd an Däitschland vum Stifterverband a vu McKinsey huet dräi grouss Kategorië vu Wëssen analyséiert, déi an Zukunft fir d'Salarié wichteg wäerte sinn. Dozou gehéiere Grondfäegkeete wéi Recherchen am Internet, déi kllassesch Kompetenze wéi Kreativitéit an Eegeninitiativ, an awer och scho méi technologesch Fäegkeete wéi eng limitéiert Entwécklung a komplex Datenanalysen.

Jiddwereen, dee sech an der Covidkris mat Donnéeë befaasst huet - an ech mengen, dat sinn déi meescht vun eis heibannen -, weess, wéi séier een do awer eng gewësse Komplexitéit a sengen Excelstablen zesummekritt, wou een dann net méi mat enger Zomm, mee scho mat Pivot-Tabellen an Änlechem geplot ass

Vill Betriber wëssen awer och zum Deel haut nach net, wou hir Kompetenzen an Zukunft gebraucht ginn, wéi eng Kompetenze vläicht och gebraucht ginn, fir d'Betriber weider um Liewen ze halen a weider kënnen no vir ze bréngen. Duerfir ass et wichteg, datt de Staat hei eebe grad Formatiounen ënnerstëtzt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat heescht, déi betrafte Betriber an d'Personal séier doriwwer informéieren, fir datt se kënnen vun de Weiderbildungen am Kader vum Fonds pour l'emploi profitéieren. Do geet eng Annonce um Site vum Ministère an de Beruffskummeren awer net duer. Déi Informatiounscampagne muss méi grouss ugeluecht sinn, well soss huet bis den 30. Juni kaum ee Betrib vun dëser Mesure profitéiert.

Mäin Appell un de Minister ass duerfir ganz kloer, dës Informatiounen esou séier et geet un de Mann an un d'Fra ze bréngen, fir datt déi betrafte Betriber prett si fir d'Zukunft no der Pandemie.

Ech wëll op dëser Plaz awer och zum Schluss en Appell un déi betrafte Betriber maachen. Profitéiert vun dëser Offer! Schreift Är Salariéen an d'Formatiounen an, fir lech a si op d'Zukunft virzebereeden! Vun nach méi kompetente Mataarbechterinnen a Mataarbechter kann all Patron nëmme profitéieren.

Merci.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier an Aarbechtsminister Dan Kersch.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Merci, Här President. A merci och alle Virriedner, déi jo, mengen ech, alleguerten den Accord vun hire jee-weilege Fraktiounen a Groupe-politiquë ginn hu fir dëse Projet de loi, deen zwar ganz kleng ass a senger Teneur, mee awer eng ganz grouss Importenz wäert hunn. Dovu sinn ech felsefest iwwerzeegt.

Virrun ass gesot ginn, mir hätten dëse Projet de loi an enger Rekordzäit kënnen ëmsetzen. Bon, als Sportsminister freet et mech natierlech, wann dann och nach e ganz sportleche Vergläich gemaach gëtt. Ech wëll awer soen, dass de Projet de loi u sech jo hei net d'Haaptarbecht war. Mee d'Haaptarbecht war, erauszefannen, wéi eng Formatiounen mer hei konkreet wéilten ubidden an u wéi eng Kategorie vun Leit. Do war also eng ganz grouss Virarbecht, déi an deene leschte Wochen a Méint gelescht ginn ass. An ech hunn drop gehalen, dass mer d'Gesetz eréischt stëmmen, wa mer ongeféier wëssen, a wéi eng Richtung mer ginn, well ech jo dovun ausgaange sinn, dass d'Chamber berechtigterweis eng Rei vu Froe géif stellen, wou ech och scho kann dovun ausgoen, dass mer eng Rei vun deenen Äntwerten och schonn an der Kommissioun ginn hunn.

Just, wat den Zäitplang ugeet, ginn ech ganz fest dovun aus, dass déi éischt Coursen den 1. Abrëll voire den 1. Mee kënnen ufänken. Ech wëll och soen, dass et selbstverständlech fir eis kloer ass, dass déi Leit, déi déi Coursen ubidden, dass dat nëmmen agreeiert Zentre kënnen sinn. Duerfir hu mir och alleguerten déi agreeiert Zentren ugeschriwwen, ob se interesséiert wäeren, esou eng Formatioun, déi sech am digitale Beräich befënnt ... - ech mengen och dat, wat Der schonn an der Aarbechtskommissioun ganz kloer gesinn hutt -, fir bei esou enger Aktioun matzemaachen. Den Echo war ganz grouss: Et ware ronn 31 Centres de formation, déi sech gemellt hunn, an iwwer 220 Formatiounen, déi och an engem Katalog opgelëscht sinn, dee mer an noer Zukunft kënnen ubidde fir déi sëllegen, déi Dausenden an Dausende vu Leit, déi an deene leschte Wochen am Chômage partiel waren.

Ech mengen, dat sinn eng Rei vu Prezisiounen, déi ech zu dësem Zäitpunkt ka ginn. An ech kann lech och versécheren, dass mer selbstverständlech och drun denken, dass mer eng grouss Informatiounscampagne wäerte lancéieren, fir dass d'Leit déi Offer, déi se hei kréien, och wäerte wouerhuelen. Et hëlleft näischt, déi bescht Programmer en place ze setzen, wa se herno net genotzt ginn. Duerfir wäerte mer och mat enger Pressekonferenz ufänken, wou mer ganz genau Detailer ginn iwwert den Ofaf, wéi ee sech kann aloggen an dat Ganzt. An et geet hei wierklech drëms, och elementar Kenntniser an digitale Beräich un eng ganz Panoplie vu Leit ze vermëttelen, déi d'Geleeënheet dozou nach net haten.

Et ass virrun hei schonn ugeschwat ginn: Ech mengen, mir ginn dovun aus, dass mer eng ganz Rei vu Leit hunn, déi nach net richtig wëssen, mat engem Internet ëmzegoen. Mir ginn dovun aus, dass et eng ganz Rei vu Leit gëtt, déi dat, wat mir an der Vergaangenheet ganz vill gemaach hunn, nämlech déi berüümt Konferenzen iwwer Video, déi net wëssen, wéi esou eppes geet, Webex, Skype a wéi se alleguerten heeschen, Teams et cetera. Et ass also an deem Beräich, wou mer Saachen ubidden, mee et geet wäit doriwwer eraus. An ech kann lech versécheren, ech si fest dovun iwwerzeegt, dass d'Offer herno och wäert gutt ugeholl ginn an dass mer herno e positive Bilan vun dëser Aktioun kënnen zéien.

Ech mengen och, dass et richtig ass, dass mer eis am Gesetz, wéi dat virrun e bësse kritiséiert ginn ass, relativ vag halen. Dat heiten ass jo elo eng ganz gezielten Aktioun, déi mer lancéieren, wuelwëssend dass d'Zuel vun deene Leit, déi am Chômage partiel sinn, eng extreem héich Zuel ass. Mee ech mengen, duerch déi méi vag Formulatioun, déi mer elo am Gesetz stoen hunn, kënnen mer an Zukunft och aner Programmer lancéieren, déi sech dann u Leit adresséieren, déi am Chômage partiel sinn. Ech mengen, dat ass déi grouss Neierung, déi

mer hei geschafen hunn. An dorop kënnen mer alleguerten houfreg sinn.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech soen dem Här Aarbechtsminister Dan Kersch villmools Merci. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7776. Den Text steet am Document parlementaire 7776<sup>2</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7776 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

#### (Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 10. 7756 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la désignation d'un membre de la commission de suivi de la convention portant sur la prestation du service public luxembourgeois en matière de télévision

Mir kommen elo zum Änderungsverschlach vum Chambersreglement 7756 iwwert d'Designatioun vun engem Member fir d'Commission de suivi vun der Konventioun tëschent dem RTL Group an dem Staat. D'Wuert huet elo den Auteur-Rapporteur vun dësem Änderungsverschlach vum Chambersreglement, den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission du Règlement

■ **M. Roy Reding (ADR), auteur-rapporteur.**- Merci, Här President. Dës Ëmännerung gouf de 27. Januar vu mir deposéiert. Mir hu se den 23. Februar an den 2. Mäerz an eiser Kommissioun analyséiert an diskutéiert. A mir hunn de Rapport den 8. Mäerz unanime ugeholl.

Wourëm geet et?

An allen erdenkleche Matière gëtt et hautdesdaags eng Commission de suivi, esou och am Kader vun der Konventioun, déi de Staat mat RTL gemaach huet iwwert d'Qualitéit vum Service public, wat d'Lëtzebuurger Tëlee bei RTL ugeet. An deem Comité de suivi soll och e Member vun dësem héijen Haus siegélieren.

Mir änneren also haut eist Reglement, fir eng Prozedur virzegesinn, wéi dëse Representant vun eiser Chamber genannt gëtt. Inspiréiert hu mer eis un de Prozeduren, déi mer schonn hunn, wat d'Nominatioun vun engem Member am Conseil national des finances publiques ugeet oder och an der Kommissioun iwwert den Traitement des données personnelles am SREL.

Mir hunn des Weidere festgehalten an der Kommissioun, datt dës Fonctioun sollt iwwerholl gi vun engem Deputéierten, deen net enger vun de Parteien ugehéiert, vun deenen haut schonn een am Conseil d'administration vun RTL vertrueden ass.

Ech soen lech Merci an ech soen lech Merci fir Äre Support an Är Zoustëmmung zu dëser Ännerung.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Auteur-Rapporteur Roy Reding.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden agedroen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Ech soen dem Roy Reding Merci fir sâi schrëftlechen a mëndleche Rapport a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gloden. An da wier et um honorabelen Här André Bauler.

■ **M. André Bauler (DP).**- Merci, Här President. Ech wollt och mengersäits am Numm vun eiser Fraktioun dem Rapporteur Merci soen a ginn natierlech och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Merci, Här President. An ech versprechen och, meng Riedezäit anzehalen. Am Numm vun der LSAP-Fraktioun wëll ech dem Rapporteur Merci soen an eisen Accord zur Proposition ginn. Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Di Bartolomeo. An da wier et un där honorabler Madamm Djuna Bernard.

■ **Mme Djuna Bernard (déi gréng).**- Merci, Här President. Och mir schléissen eis de Mercien un de Rapporteur an a ginn heimadder ganz gären eis Zoustëmmung fir dës Ännerung am Reglement. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Bernard. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Och vun de Piraten e Merci un de Rapporteur, dee jo och Auteur vun där Modifikatioun hei ass. Et ass esou, datt iwwer RTL an iwwert de Service public an der Lescht vill geschwat gouf, deelweis och gestridde gouf, an dat heiten u sech eng zousätzlech Kontrollinstanz fir de Service public ass, deen d'Chamber dann nenne soll. An déi Modifikatioun hei fënnit eis ganz Zoustëmmung.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert den Änderungsverschlach vum Chambersreglement 7756. Den Text steet am Document parlementaire 7756<sup>1</sup>.

#### Vote sur la proposition de modification 7756 du Règlement de la Chambre des Députés

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

#### (Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dësen Änderungsverschlach mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

## Le saviez-vous ?

### DOCUMENTS PARLEMENTAIRES

Les projets et propositions de loi ainsi que les avis et rapports y relatifs sont publiés comme documents parlementaires qui font l'objet d'une numérotation continue.